N°2066
Entrée le 11.03.2025
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 11.03.2025
Chambre des Députés

DEMOKRATESCH PARTEI
Chambre des Députés
Groupe Parlementaire

Här Claude WISELER
Chamberspresident
LËTZEBUERG

Lëtzebuerg, den 11 Mäerz 2025

Här President,

Esou ewéi den Artikel 80 vum Chambersreglement et virgesäit, biede mir Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Madamm Ministesch fir Landwirtschaft, Ernärung a Wäibau an un den Här Minister fir Ëmwelt, Klima a Biodiversitéit weiderzeleeden:

„An engem rezenten Artikel gouf beriicht, datt d'europäesch Kommissioun Frankräich 500 Milliounen Euro fir d'Férderung vun Hecken innerhalb der Landwirtschaft zur Verfügung stellt. Vill Studie weisen drop hin, dat sougenannt Hecke-Korridoren op de Felder Virdeeler fir d'Biodiversitéit hunn.

Dës Hecke-Korridore fungéieren als Habitat fir wëll Déieren an Insekten, wat wäertvoll Bestëbser fir d'Biodiversitéit sinn. Zousätzlech fungéieren dës och als natierlech Schädlingskontroll, wat virun allem de Gebrauch vu Fungizide limitéiere kéint. Dës Weidere kënnen se och de Waassergehalt reguléieren an d'Buedemqualitéit verbesseren.

An deem Kader wollte mir der Madamm Ministesch fir Landwirtschaft, Ernärung a Wäibau an dem Här Minister fir Ëmwelt, Klima a Biodiversitéit follgend Froe stellen:

- Ass der Madamm Ministesch an dem Här Minister bekannt, wéi vill Kilometer Hecke-Korridoren et hei zu Lëtzebuerg gëtt?
- Gräift Lëtzebuerg och op EU-Gelder zeréck, fir Bauere beim Ausbau vun Hecke-Korridore finanziell z'ënnerstëtzen? Wann nee, wisou net?
- Falls et net genuch Hecke-Korridoren hei zu Lëtzebuerg ginn, sinn d'Madamm Ministesch an den Här Minister bereet, fir dës méi staark ze fërderen?"

Mat déiwem Respekt,

Luc EMERING
Deputéierten

André BAULER
Deputéierten